## Äre Bäitrag zum Forschungsprojet

### *The Family of Man*







*Bild 1. Ouverture vun der Ausstellung zu Paräis, 1956. U.S. National Archives and Records Administration, foto no. 286-MP-par-08673*

*Bild 2. Katalog vun "The Family of Man", publizéiert vun der Maco Magazine Corporation fir de MoMA am Joer 1955*

Den Luxembourg Centre for Contemporary and Digital History (C²DH) féiert e Fuerschungsprojet mam Titel FoMLEG (The Legacy of The Family of Man), fir en neie Bléck op déi ikonesch Fotosausstellung vum Edward Steichen ze werfen, hir international Tournée während dem Kale Krich (1955–1963) z'ënnersichen, an och hir Geschicht zu Lëtzebuerg zënter 1965.

Am Kader vun dëser Etude sammele mir perséinlech Geschichten, Erënnerungen a Erfahrungen, déi mat The Family of Man ze dinn hunn. Egal ob Dir d'Ausstellung während hirer originaler Welttournée gesinn hutt, se zu Klierf besicht hutt, oder e perséinleche/kulturelle Bezuch zu hiren Themen hutt – Är Erënnerungen interesséieren eis.

Mir invitéieren lech fir folgendes ze deelen:

- Perséinlech Erënnerungen un Äre Besuch vun der Ausstellung
- Fotoen, Bréiwer oder Erënnerungsstécker déi mat der Ausstellung verbonne sinn
- Iwwerleeunge wéi d'Ausstellung Äre Bléck op d'Fotografie, d'Mënschheet oder d'kulturell Identitéit beaflosst huet

Är Bäiträg hëllefen eis ze verstoen, wéi The Family of Man iwwer d'Zäit eraus bei verschiddene Leit a Gemeinschaften ugeschloen huet. Ausgewielte Geschichten kéinten an zukünftege Publikatiounen, Ausstellungen oder an engem digitale Archiv gewise ginn – an domat zu enger méi inklusiver a diverser kollektiver Erënnerung bäidroen.

**Wann Dir Är Geschicht deele wëllt oder méi iwwert de Projet gewuer gi wëllt, kontaktéiert wgl.:**

- emilia.sanchez@uni.lu fir d'international Tour
- claude.ewert@uni.lu fir alles wat The Family of Man zu Lëtzebuerg ugeet

Villmools Merci fir Ären Engagement an dëser gemeinsamer Exploratioun vum Héritage vun *The Family of Man.*




*Bild 3. D'Family of Man international Tournée 1955-1965. Kaart erstallt vum CNA.*

Original Text: https://www.uni.lu/c2dh-en/news/contribute-to-the-legacy-of-the-family-of-man-research-project/